Coupe Patrick Riehl

Mir haten eis Haut Samschdes den 29. März 2014 op den Fëschweiheren zu Lamadelaine getraff fir d´Coupe Patrick Riehl auszefëschen. Den Patrick, laangjäehregen Member am Flyfishing Club Lëtzebuerg, wor leider am Laaf vum leschten Joër verscheed an Him zum Gedenken wollten mir een Dag ënnert Kollegen fëschen mam Wëssen dass dat garantéiert am Sënn vum Patrick gewiecht wär, wor Hien dach een leidenschaftlechen Méckenfëscher deen kéng Geleenheet ausgelooss huet ënnert Kollegen beim Waasser ze verbréngen. Mir wollten schon laang ee puer nei Punkten an den Aktivitéitsprogramm vun eisem Club integréieren an dun luung et noh esou een Frëndschaftsfëschen an den Programm opzehuelen mam festen Wëllen aus der Coupe Patrick Riehl een Wanderpokal ze maachen deen all Joërs op een Neist soll ausgedroën gin. d´Iddi staamt vum Jemp Hoffmann, ewei mir eis éng Kéier iwwerluecht haten ewei een éng Aktivitéit an onserer Heemecht, op den Fëschweiheren zu Rollëng kéint organiséieren.

Esou woren éng gudd Dozen Memberen vun eisem Club ungetrueden fir an Équipen vun jeweils zwee Fëscher dës Coupe auszefëschen. Beim ausschaffen vun den Modalitéiten ënnert deenen mir wollten d'Coupe Patrick Riehl ausfëschen, stuung ëmmer den Hannergedanken vun éngem flotten Dag ënnert Fëscherkollegen am Hannergrond. Ungefaangen hun mir andeems mir eis bei énger gudder Taas Kaffi zesummengesat hun fir den Oflaaf ze erklären an déi jeweileg Équipen auzelousen. Ganz erfreet woren mir dass och zwee vun eisen Nowuesfëscher, den Luca Lepage an den Joé Bartholmé, sech un eisem Frëndschaftsfëschen bedeelegt hun. Esou koumen dun sechs Équipen zesummen déi op sechs Stänn d'Fëschen opgehol hun.

Mir haten een super Dag erwëscht wat d'Wieder unbelaangt, den ganzen Dag iwwer huet d'Sonn geschéint an den Thermometer wor op gemitlech 22° Grad geklommen, dobäi koum een erfrëschenden Wand deen dat Ganzt ofgeronnt huet, et hät net kéinten besser sin. d'Fësch hun sech och net laang bieden geloos an esou hun mir direckt Alleguer las

geluecht ewei d´Weltmeeschter. Haten mir eis am Ufank nach ee bëssen schwéier gedoën wat d´Ausschaffen vun den Modalitéiten unbelaangt, esou haten sech séier d´Regelen no déier mir d´Coupe ausgefëscht hun fond. Mir haten eis am Virfeld iwwerluecht dass Jidereen misst mam Streamer fëschen, hun dat awer revidéiert ewell mir geduecht hun dass bei éngem Frëndschaftsfëschen den Spaass soll am Virdergrond stoën an dësen net duurch zevill Regelen soll ënnerbonnen gin. Och haten mir virgesin fir ëmmer nëmmen jeweils een Fëscher vun der Équipe fëschen ze loossen ewell mir geduecht haten aus Plazgrënn wir dat net anneschters méiglech mée dat wor awer séier hinfälleg an d´Fëscher sin ganz gudd Eens domader gin dass se Alleguer gläichzäiteg gefëscht hun.

Natirlech, ech misst et eigentlech net méi ernimmen, dierf bei énger Aktivitéit vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg dat leiwlecht Wuel net ze kuurz kommen an dofir haten mir, nodeems mir déi éischten Manche ausgefëscht haten, eemol éng

anständeg Stäerkung verdéngt. Mir haten Ham, Fritten an Zalot opgedëscht kritt an dëst net ze knapps. Esou koum et dass mir d´ Fësch während ee bëssen énger méi laanger Zäit sech erbloossen geloos hun wat déi awer och néideg haten, mée dofir sin mir awer duerno mat voller Energie un déi zwou leschten Manchen erungaangen an loossen mir et direckt soën et sin vill Fësch gefaangen gin an keen vun den Fëscher déi ungetrueden woren sin ze kuurz komm, Jidereen huet séng Fësch gefaangen an dat stuung den Fëscher och an d´Gesiicht geschriwwen ewell iwwerall woren zeffridden Fëscher um Wierk an d´Ambiance hät net kéinten besser sin.

Mir woren an deem Moossen verwinnt gin dass mir den Dessert an déi obligatoresch Taas Kaffi nom Iessen op spéider verluecht haten an esou hat dun och Proklamatioun vun den Resultater nach een kléngen Héichpunkt an Form vun Quetschen an Kiischtentoart mat éng gudder Taas Kaffi ofgerënnt. Dodernieft wor et een ganz symphateschen Geste vun eisem Präsident, dem Jeek, deen sech et net huelen geloos huet fir d´Resultater ze verkënnegen an d´Coupe Patrick Riehl un d´Gewënner ze iwwerreechen, grad esou ewei den Sekretäir, den Erny, deen eis bei der Organisatioun gehollef

an och Moies moralesch duurch séng Unwiesenheet ënnerstetzt huet. Den Yvon an Jemp haten och den Weë op Rolléng fond fir ënnert den Fëscherkollegen ze sin, och Sie konnten aus deenen verschiddensten Grënn net matfëschen an hun sech awer net huelen geloos ee bëssen bei d´Kollegen pooteren ze kommen.

1 Plaz	den Patrick Bartholmé an den Luss Dilk	18 Fësch	1003 Punkten
2 Plaz	den Bob Amlung an den Patrick Scheid	13 Fësch	737 Punkten
3 Plaz	den Joé Bartholmé an den Hoffmann Jemp	12 Fësch	701 Punkten
4 Plaz	den Fränz Meis an den Roger Garca	12 Fësch	666 Punkten
5 Plaz	den Patrick Bertrand an den Albert Bettendorff	8 Fësch	437 Punkten
6 Plaz	den Luca an den Roger Lepage	5 Fësch	276 Punkten

Esou ass éng éischt Editioun vun der Coupe Patrick Riehl zu Ënn gaangen an et woren Fëscher dobäi déi och dun nach net genuch haten an et nach éng Kéier mat den Fësch opgehol hun wat mat Sécherheet och deem wonnerbaren Wieder geschold wor. Ofschléissend méngen ech dass dësen Dag gewisen huet dass och éng Coupe Patrick Riehl kann éng Plaz an eisem Aktivitéitskalenner fannen an hoffen dass mir och an Zoukonft nach kënnen esou schéin Deg zesummen beim Waasser verbréngen.